



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 17. November 2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro zu enger Reform bezüglech der Besetzung vum „Commissaire de gouvernement à l'éducation physique et aux sports“ un den Här Sportminister weider ze leeden.

De Schoulsport, vum Précoce bis zum Schoulofschloss am Lycée, ass extrem wichteg fir d'Entwécklung an d'Gesondheet vun de Kanner a Jugendlecher. Aus engem rezenten Artikel vum Tageblatt geet ervir, dass am Sportsministère un engem Gesetzesentwurf geschafft gouf, wouduerch de vakante Poste vum "Commissaire de gouvernement à l'éducation physique et aux sports" den Zousaz „éducation physique“ verléiere soll, wat net nëmmen eng ganz Rei Deputéierte mee och all ausgebildete Sportsproff erstaunt. Wann mir de Gesetzesentwurf richtig interpretéieren, brauch den héchste Beamten am Sportsministère an Zukunft weder Erfahrung (zum Beispill 15 Joer am Staatsdénsgsch wéi bis elo), nach eng spezifesch Ausbildung (Sportpädagogik, Didaktik/Methodik, Sportmedizin, Anatomie, Bewegungswëssenschaft, asw.) méi. Op sou engem Poste sinn des Kompetenzen an Erfahrungen awer indispensabel. Vue dass de Sportskommissär sämtlech Beräicher an der Sportpolitik koordinéiert, kontrolléiert an de Sportsministère och beréit, biergen des nei Vergabekrittären d'Gefor, dass de Sportskommissär zu engem politesche Posten ëmfunktionéiert gëtt an doduerch déi néideg politesch Distanz an Onofhängegkeet fir d'Ausübe vu sengen Aufgabe verléiert.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Firwat wëll de Sportminister op d'Kompetenzen an d'Erfahrung vum engem Sportsproff op dësem Poste verzichten?
- Firwat gëtt beim Choix fir den "Commissaire de gouvernement à l'éducation physique et aux sports" net op d'Meenung vum der APEP, LASEP, LASEL, COSL, asw. gelauschert?
- Stëmmt et dass och de Poste vum enger Direktesch/Direkter vun der ENEPS (Ecole Nationale de l'Education Physique et des Sports) op dës nei Aart a Weis rausgesicht a nominéiert soll ginn?
- Verzicht de Sportminister op déi pedagogesch Erfahrungen an der "Commission d'analyse critique" vum Travaux publics?
- Gëtt domadder d'Sportkonzept vum COSL, wou de Schoulsport ee wichtigen Deel anhëlt, net ofgewäert?
- De Schoulsport dréit och zum Projet LTAD (Long Term Athlete Development) bäi. Gëtt dës Projet duerch dës Mangel u Kompetenzen an Erfahrungen net a Fro gestallt?

Här President mir bieten Iech onsen déifste Respekt unzehuelen.



Nancy Arendt ép Kemp
Deputéierten



Georges Mischo
Deputéierten